

buerger Stat wäert wéi an der Vergaangenheet als Aktionär säi Rôle assuméieren. Nach eng Kéier, mir denken net drun, Aktië vun där neier Gesellschaft ze verkafen a mir wäerten deementspreechend als Aktionär eis Verantwortung iwwerhuelen.

Ech wollt ofschléissend allen Intervenante merci soe fir deen Intérêt, dee se fir dës Fro bewisen hunn.

Eppes Leschtes, da brauch ech net méi dorop zrëckzekommen, d'Motioun vum Här Bisdorff. Wéi ech déi gelies hunn, hunn ech mech e bëssen un e Sproch an Däitschland vun enger Partei erënnert, wou Leit "auf roten Socken" géife kommen. Déi Motioun erënnert mech fatal un dee Sproch. Fir d'Regierung ass dës Motioun net acceptabel.

### **Motion**

**M. le Président.-** Mir hunn nach eng Motioun virleien, déi vum Här Bisdorff abruecht ginn ass, déi allerdings nëmmen eng Ënnerschrëft dréit. D'Reglement gesäit vir, et misste fënnef Ënnerschrëfte sinn.

D'Wuert huet den Här Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Meng Fraktioun - mir sinn zu dräi de Moment hei - ënnerstëtzt d'Motioun vum Här Bisdorff.

**M. le Président.-** D'Motioun dréit elo véier Ënnerschrëften. Wa kee weideren Deputéierte se ënnerstëtzt, ka se net zum Vote gestallt ginn.

Mir fueren also viru mat eisem Ordre du jour, dem zweete Vote constitutionnel vum Projet de loi 4588.

Dëse Projet de loi ass an der Sitzung vum 11. Juli 2001 ugeholl ginn a vum zweete Vote constitutionnel entbonne ginn. A senger Sitzung vum 13. Juli huet de Statsrot dës Dispens refuséiert an d'Motiver a sengem Bréif vum 16. Juli 2001 un de Statsminister duergeluegt. Esou wéi et am Artikel 73 vum Chamberreglement festgehalten ass, mussen tëschent dem éischte Vote an dem zweete Vote constitutionnel mindestens dräi Méint leien. Mir beschäftegen eis dofir elo eng zweete Kéier mat deem Projet.

D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Lucien Clement.

### **3. Projet de loi 4588 modifiant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier - Second vote constitutionnel**

#### **Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hate beim Projet de loi 4588 mat enger Opposition formelle vum Conseil d'Etat

ze dinn, wat d'Rekrutierung vum Personal vun der CSSF betrëfft.

D'Chamber hat sech bei hirem éischte Vote iwwert dës Opposition ewechgesat an dat ass eigentlech d'Ursach, firwat mer haut nach eng Kéier stëmme mussen. Ech géif d'Chamber opfuerderen dëse Projet an där Form ze stëmmen, wéi en deemools proposéiert ginn ass a brengen den Accord vun der CSV-Fraktioun.

### **Discussion générale**

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, et gëtt keen neie Moment an dëser Affär an dofir bleiwe mir bei eisem Vote.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas (DP).**- Här President, och d'Demokratesch Partei huet hir Meenung zu dësem Gesetzesprojet net an deene leschten dräi Méint geännert a mir wäerten dëse Projet dann och esou stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech wollt soen, dass och d'ADR-Fraktioun bei hirem Vote bleift.

**M. le Président.-** Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déli Lénk).**- Här President, ech géing mech éischter un déi Bedenken halen, déi de Statsrot ugefouert huet, besonnesch wat de Statut vun deene Beamten ubelaangt, déi an deem Gremium do sollen agestallt ginn.

Wann ee bedenkt, dass d'Bestriewunge vergréissert ginn, fir de Kampf kënnen opzehuelen géint déi Mëttel, déi den Terrorismus kann an der Finanzwelt opbréngen, a fir dee Kampf konsequent ze féieren, sinn ech der Meenung, dass do net sollt e Gremium sinn, deen de Statut vun de Statsbeamten net huet. Dat ass eng Aufgab, déi d'Statsbeamte betrëfft an déi sollen dofir och dee Statut hunn.

**M. le Président.-** Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen an zur Ofstëmmung.

### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4588.

### **Second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;*

*MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Marco Schroell (par M. Emile Calmes) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*A voté non: M. Aloyse Bisdorff.*

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, de Projet de loi 4764, e Sozialofkommes tëschent Lëtzebuerg a Finnland.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Niki Bettendorf.

#### **4. Projet de loi 4764 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Finlande sur la sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 10 novembre 2000**

##### **Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Niki Bettendorf (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech kuerz faassen a mengem mëndleche Rapport zum Projet de loi 4764 betreffend d'Konventioun, déi tëschent Finnland a Lëtzebuerg zu Lëtzebuerg den 10. November 2000 ënnerzeechent gouf. Do geet et ëm d'Sécurité sociale.

Mir hate mat Finnland eng bilateral Konventioun säit 1988. Op den 1.1.1995 ass Finnland dunn der Europäescher Unioun bäigetrueeden an domat gouf déi al Konventioun hifälleg. Amplaz koum de Règlement communautaire 1408/71. Dëst Règlement regelt d'Regimer vun der Sécurité sociale vun de Salariairen, de Fräischaffenden an de Familljememberen, déi sech innerhalb vun der EU déplacéieren.

Et huet sech natierlech schnell erausgestallt, dass eis initial Konventioun méi wäit gong wéi de Règlement communautaire, dee méi restriktiv wor. Do muss een, graff vereinfacht, nämlech Ressortissant si vun engem Memberstat, fir an de Benefiss vun de Sécurité-sociale-Rechter ze kommen.

Dofir ass et nëmmen normal an dat ass den Hauptbut vun eiser Konventioun, dass jidderee vun der internationaler Konventioun ka profitéieren, ob hien EU-Bierger ass oder net, an dësem Fall mat der Bedéngung, dass hien zu Lëtzebuerg oder a Finnland Sécurité-sociale-verséichert ass.

Firwat kann zum Beispill eng Persoun, déi zu Lëtzebuerg duerch d'Sécurité sociale ofgeséichert ass, awer kee Bierger vun der EU ass, net am anere Land direkt d'Soine kréien, déi e brauch? Dat ass duerch dës Konventioun geregelt. Et ass ausdrécklech festgehalen ginn, dass wann déi bilateral Konventioun méi favorabel ass wéi d'europäescht Règlement, dass dann déi méi favorabel Ofmaachungen applizéiert ginn.

Besonnenesch wollt ech nach kuerz den Artikel 9 ernimmen an ënnersträichen. Hei gëtt festgehalen, dass d'Kotisationsjore fir d'Pensiounen zesummegezielt ginn, och wa se ënnert d'Gesetzgebung vun engem Drëttland falen, mat deem déi zwee Vertragspartner eng Konventioun ënnerschrifwen hunn a wou an dëser Konventioun d'Regel vun der Totalisatioun vun de Kotisationsjore festgehalen gouf.

Wat seet de Conseil d'Etat zu dësem Projet de loi? De Conseil d'Etat recommandéiert der Chamber den Text unzehuelen.

Dat ass a graffen Zich, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat an dësem Projet de loi steet an ech géif lech bieten dëser Konventioun eng grouss Zoustëmmung ze ginn. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei huet mech gebieden och den Accord vun der Fraktioun ze bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner huet den Här Marcel Glesener d'Wuert.

##### **Discussion générale**

**M. Marcel Glesener (CSV).-** Här President, den Här Bettendorf presentéiert hei dräi Projeten. Déi betreffen dräi sozial Konventiounen mat Finnland, Tschechien an